



Stengefort

30. September 2021

Pressemitteilung

Wiessel um Buergermeeschterstull an der Gemeng Stengefort

Nodeems de Guy Pettinger seng Demissioun als Buergermeeschter bekannt ginn huet, huet de Stengeforter Gemengerot a senger Sitzung vum 30. September d'Nominatioun vun engem Kandidat fir d'Nofolleg decidéiert. Proposéiert gëtt dem Grand-Duc fir de Poste vum Buergermeeschter de 34 Joer ale Physiksproff an aktuelle LSAP Schäfte Sammy Wagner. Den doduerch vakante Schäfteposte soll déi 53 Joer al Bankugestellten Marianne Dublin-Felten iwwerhuelen. De Guy Pettinger gehéiert och an Zukunft nach weider dem Stengeforter Gemengerot un a steet der LSAP-Fraktioun mat senger Erfahrung mat Rot an Dot zur Säit.

Als LSAP Stengefort soe mir dem Guy e grouse Merci fir säin onermiddlechen Asaz an deenen 11 Joer wou hien d'Geschécker vun eiser Gemeng geleet huet. Ënner senger Fiederféierung si virun allem am Sozialen, der Kannerbetreierung souwéi am Ëmweltberäich eng Rei wichteg Akzenter gesat ginn déi d'Bild vun der Gemeng nobaussen nohaltege geprägt huet. Net zulescht ass et och him ze verdanken, dass de Projet vum Neibau vun der Sportshal an der Schwämm endlech Realitéit gëtt.

Dem Sammy a Marianne wënsche mir eng gléckleche Hand a freeën eis zesumme mat hinnen an eisem Koalitionspartner vun „déi Gréng“ och an Zukunft an der Kontinuitéit d'Gemeng Stengefort no vir ze bréngen.

Matgedeelt vun der LSAP Stengefort